



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Mee 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un déi Häre Baussen-, Bannen- a Justizminister weiderzeleeden.

Am September 2015 koum et zu turbulenten Zeenen zu Schengen, wéi e Front-national-Europadeputéierten um Europamonument Blummen néiergeluecht huet, iwwerdeems Lëtzebuurger Politiker géint dee Geste protestéiert hunn. Méi rezent hunn tierkesch Ministere an EU-Länner politesch Kampagnesrieden gehalen oder d'Areas fir esou Manifestatiounen net erlaabt kritt, wat zu deelweis schaarfen diplomateschen Confrontatioune gefouert huet. Och hei zu Lëtzebuerg koum et viru kuerzem zu enger Demonstratioun vun tierkesche Staatsbierger am Zëssammenhank mat engem Walkampf an hirer Heemecht. An tëscht den zwee Waltier vun der franséischer Presidentschaftswal huet de Mouvement vun «En marche» an der Lëtzebuurger Haaptstad e ganzen Dag laang e Stand opgeriicht a Reklamm fir den aktuelle franséische President gemaach.

An deem Kontext hunn ech e puer Froen, déi ech den Häre Ministere wëll stellen:

1. Ass geregelt, ënner wéi engen Ëmstänn auslännesch Politiker oder Parteien dierfen zu Lëtzebuerg oprieden, Stänn opriichten, Plakater opstellen oder soss Aktivitéiten hunn? Wa jo, wéi sinn déi Regeln? Wann nee, ass dru geduecht esou Regeln anzeféieren? Oder ass dru geduecht, esou Aktivitéiten allgemeng ze verbidden?
2. Kennt d'Regierung iergendwellech international Konventiounen, an deenen e Recht op politesch Walkampfpotretter oder aner politesch Aktivitéiten vu Politiker oder Parteien um Territoire vun engem anere Staat virgesi wär? Wa jo, wéi eng wäeren dat?
3. Fir de Fall, wou net un en allgemenge Verbuuet geduecht wär, no wéi enge Critèren géing d'Regierung entscheiden, wéi e Politiker oder wéi eng Partei dierf zu Lëtzebuerg Reklamm maachen a wéi eng net? Am Fall, wou net all Partei aus engem bestëmmte

Staat déi selwecht Rechter zu Lëtzebuerg kriit, wär dat net eng Amëschung vun de Lëtzebuerger Autoritéiten an déi bannenzech Affären vun engem aanere Staat?

4. Wéi schätzen d'Ministeren d'Gefor an, datt Aktivitéiten vun auslännesche Politiker oder Parteien hei am Land kéinten zu Onroue féieren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten